LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

**Äntwert vum Delegéierte Minister fir Digitaliséierung op d'parlamentaresch Fro n° 7165 vum 14. November 2022 vum Här Deputéierte Sven Clement.**

De CTIE publizéiert all Trimester d'Statistiken iwwer de nationale Persouneregister (RNPP) um Open Data Portal vum Staat. Dës betreffen zum Moment vun der Publikatioun d'Donnéeë vum Enn vum Trimester virdrun.

Et sief ze bemierken, dass de CTIE wuel dem Bierger seng perséinlech Informatiounen aus dem RNPP a sengem geschützten, perséinleche Beräich op MyGuichet.lu zur Verfügung stellt, mee awer keng Statistiken op dësem Portal publizéiert.

Lëtzebuerg, den 09/12/2022.

Den Delgéierte Minister fir Digitaliséierung

(s.) Marc Hansen